Genderexpressioun oder hirer Genderidentitéit. An hei bleift och nach vill Aarbecht, wat eis gesellschaftlech Akzeptanz deen ee vis-à-vis vun deem aneren ugeet. A mir hunn och hei am Haus ëmmer méi polariséiert an ëmmer méi emotional chargéiert Debatten, déi kloer dorop ofzilen, Intoleranz ze streeën.

An dat hei ass esou dee Moment, wou mir als Sozialiste ganz kloer soen: Mir hu keng Akzeptanz vis-à-vis vun esou Diskriminatiounen! An dat heiten ass am Endeffekt e Mount, wou mer d'Geleeënheet notzen, fir dat kloerzestellen an no vir ze kucke fir eng méi tolerant Gesellschaft. An dofir hu mir och schonn ënner Gambia de Mariage an d'Adoptiounsrecht fir all Mënsch agefouert.

Allerdéngs huet eise gesetzleche Kader nach ëmmer Lücken. An dorop huet och rezent erëm eng europäesch Biergerinitiativ higewisen, wou iwwer eng Millioun Ënnerschrëfte gesammelt goufen, déi en EU-wäit Verbuet vu Konversiounspraktike gefuerdert huet. An hei huet doropshin och d'Europäesch Kommissioun decidéiert, all hiren EU-Memberstaaten dat Verbuet ze recommandéieren. An dat hunn an der Vergaangenheet och schonn d'Europaparlament an Zivillgesellschafte gemaach, awer et sinn och aner Staaten am Kader vun de Vereenten Natiounen, déi dat recommandéiert hunn.

D'Konversiounspraktike sinn nämlech inakzeptabel psychologesch wéi och physesch Agréff op d'Mënschen, fir hir natierlech sexuell Orientéierung respektiv hir Genderidentitéit ze änneren. An et handelt sech heibäi allerdéngs wierklech ëm mëttelalterlech Praxissen, ...

**Une voix** | Genau!

**Mme Claire Delcourt** (LSAP), auteure | ... déi LGBTIQ+-Leit als krank ugesinn.

Zu Lëtzebuerg sinn déi Praktiken net verbueden, an dat wëlle mir heimadder änneren. Mir hunn eis dofir inspiréiert un aacht EU-Staaten, déi schonn esou e Verbuet agefouert hunn. An dat ass och de Grond, firwat ech dës Proposition de loi hei deposéieren: fir de Code pénal an deem Sënn ze änneren, also déi Praktike méi kloer ze definéieren an och strofbar ze maachen. Wannechgelift.

*8771 – Proposition de loi portant modification du Code pénal en vue d'interdire et d'incriminer les pratiques de conversion visant l'orientation sexuelle, l'identité de genre ou l'expression de genre*

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Delcourt.

**Mme Claire Delcourt** (LSAP), auteure | Laut Artikel 2 vun der universeller Mënscherechtsdeklaratioun huet all Mënsch d'Recht op e Liewe fräi vun Diskriminatioun. An deem Versprieche bleiwe mir trei. An dobäi läit de Ball elo bei der Majoritéit.

Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Delcourt.

## 5. 8310 – Projet de loi relative à l'Observatoire de l'habitat

An da géinge mer zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour kommen, an zwar dem Projet de loi 8310 iwwert den Observatoire de l'habitat. D'Riedezäit ass e Basismodell. Deemno huet de Rapporteur 10 Minutten, déi eenzel Fraktiounen a Sensibilitéiten hu jeeweils 5 Minutten, d'Regierung huet 10 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Alex Donnersbach, den Här Yves Cruchten, d'Madamm Alexandra Schoos, den Här Meris Sehovic an den Här Marc Goergen. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission du Logement et de l'Aménagement du territoire***

**M. Gilles Baum** (DP), rapporteur | Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, säit senger Grënnung am Joer 2003 besteet d'Haaptaufgab vum Observatoire de l'habitat doranner, dem Public, awer och dem Ministère eng breet Panoplie un Donnéeën iwwert de Logement an alles, wat d'Wunnen hei zu Lëtzebuerg betrëfft, zur Verfügung ze stellen.

Mam Projet vun haut ginn an deem Kader zwou gréisser Upassunge gemaach. Engersäits soll den Observatoire méi onofhängeg ginn, dat virun allem mat Bléck op seng Propositiounen, seng Constaten, awer och d'Outilen, mat deenen e schafft. Konkreet gëtt et e puer Ännerungen, déi seng Onofhängegkeet stäerke sollen.

Éischtens wäert de Minister e Beamten nennen, deen als Coordinateur général fir de Fonctionnement vum Observatoire zoustänneg ass. Deem säi Mandat gouf op zwee Joer festgeluecht a kann doriwwer eraus och verlängert ginn. Zukünfteg wäert och e Comité d'accompagnement den Observatoire a senger Missioun begleeden. Deem säi Fonctionnement gëtt iwwer Règlement grand-ducal gereegelt. Spezifesch ass de Kommitee dofir do, Froe bezüglech dem Datenaustausch, der Methodologie oder der Erweiderung vun de Sujeten am Logement ze klären.

Eng weider Ännerung, déi den Observatoire méi onofhängeg mécht, sinn d'Dispositiounen, déi d'Kooperatioun mat aneren Acteure reegelen. Wat de Recours op verschidde Fuerschungszenteren oder op d'Universitéit ugeet, gouf elo geännert, dass den Observatoire de Minister elo net méi muss am Virfeld dofir ëm den Accord froen. E kann elo no sengem eegenen Ermoossen decidéieren, bei deenen Acteuren en unzeklappen, a brauch net méi den Accord vum Minister, fir kënne mat hinnen zesummenzeschaffen. An deem Fall gëtt eng Convention de partenariat tëschent de jeeweilegen Acteuren an dem Staat ënnerschriwwen, déi da fir fënnef Joer besteet an och verlängert ka ginn.

Wat den allgemengen Aarbechtsprogramm vum Observatoire fir d'Joer ugeet, wäert de Minister dësen elo op Propos vum Observatoire festhalen. Hei ginn dann am Virfeld déi grouss Sujete bestëmmt, déi prioritär solle behandelt ginn.

Den zweete grousse Volet ass de Schutz vun den Donnéeën, déi am Kader vun den Etüde verschafft ginn. Mir verbesseren déi legal Basis beim Dateschutz a beim Datenaustausch, andeems mer kloer definéieren, dass de Logementsministère fir d'Donnéeë responsabel ass an dass déi verschidden Acteuren, déi bei den Etüde matschaffen, als Sous-traitants gëllen.

Ausserdeem gëtt am Artikel 5 kloer definéiert, dass den Observatoire am Kader vu sengen Etüden Donnéeë vu Leit verschaffe kann, déi hei am Land wunnen, déi hei am Land schaffen, déi Proprietär vun Terraine sinn oder Proprietär vun enger Wunneng. Dat sinn, ënner anerem, demografesch, mee och ekonomesch Donnéeën oder Informatiounen zum Beispill iwwert d'Occupatioun vun de Wunnengen, fir just e puer Beispiller ze nennen.

Natierlech ass et och wichteg, dass beim Traitement vun den Datesätz alles absolutt konform ass. Dofir gëtt am Gesetz preziséiert, dass all Informatiounen entweeder pseudonymiséiert beziehungsweis anonymiséiert ginn, jee no Besoin vun der jeeweileger Etüd.

Och wat d'Zerstéierung vun den Donnéeën ugeet, ass elo am Gesetz kloer festgehalen, dass an engem Delai vun zwee Joer no Ofschloss vun der Etüd déi spezifesch Datesätz entweeder komplett anonymiséiert oder carrement zerstéiert ginn.

Et gouf zu dësem Projet de loi eng ganz Rei Avisen, dräi Avise vum Staatsrot, och en Avis vun der Staatsbeamtekummer, zwee Avise vun der Chambre de Commerce, ee vun dem Syvicol an och e ganz interessanten Avis vun der Commission nationale pour la protection des données. Fir den Detail zu den Avise géif ech op mäi schrëftleche Rapport verweisen an elo schonn den Accord vun der DP-Fraktioun ginn.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech soen dem Här Baum als Rapporter villmools Merci fir säi schrëftlechen a fir säi mëndleche Rapport.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Alex Donnersbach. Här Donnersbach, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Alex Donnersbach** (CSV) | Merci, Här President. Ben, als CSV begréisse mer dëse Gesetzesprojet, well den Observatoire de l'habitat mécht eng wichteg Aarbecht hei zu Lëtzebuerg. E suergt derfir, datt mer reegelméisseg objektiv Zuele kréien iwwert de Wunnengsmarché.

Ech denken notamment un de Rapport iwwert de Marché résidentiel, deen all Trimester veröffentlecht gëtt an deen eis wichteg Donnéeë gëtt, souwuel eis an den Institutiounen, déi d'Politick vum Logement matgestalten, wéi natierlech och der Wirtschaft. An dowéinst begréisse mer och, datt déi dräi Haaptmissioune vum Observatoire elo gesetzlech definéiert ginn, eeben d'Sammelen, d'Zentraliséieren an d'Geréiere vun Donnéeën, awer och d'Analys vun deenen Donnéeën no wëssenschaftleche Krittären, wat nach eng Kéier extra an dësem Gesetz ervirgestrach gouf, an natierlech och d'Veröffentlechung vun dësen Donnéeë fir de breede Public, fir datt méiglechst vill Acteuren dovunner profitéiere kënnen.

Dat Gesetz stäerkt och d'Onofhängegkeet vum Observatoire. Do ass no enger Rei Observatioune vum Staatsrot och nach eng Kéier nogebessert ginn. A mir begréissen och, datt eng kloer gesetzlech Verankerung kënnt fir den Austausch vun den Donnéeën. RGPD, wéi eng Donnéeë verschafft kënne ginn, wéi eng Persoune betraff sinn, u wien d'Donnéeë kënne weidergi ginn a fir wéi eng Zwecker se benotzt ginn: Alles dat gëtt kloer definéiert. Formaliséiert gëtt och d'Zesummenaarbecht zwëschent dem Ministère an de verschiddenen Acteuren an Zukunft – also, dat mécht en och elo schonn – an datt mer mat Forschungsinstituter Partnerschaften hunn. Mee elo huet dat alles eng gesetzlech Basis.

Mir begréissen och, datt d'Gouvernance gestäerkt gëtt. Ech mengen, et gouf vum Rapporter ugeschwat. Et gëtt ee Coordinateur général, dee vum Wunnengsminister als Mataarbechter vum Ministère ernannt gëtt, mat engem Mandat vun zwee Joer, an och e Comité d'accompagnement, fir deen ze begleeden.

Ech mengen, dat hei ass e wichtegt Signal fir d'Vertrauen an eis Institutiounen an natierlech och an déi Zuelen, déi veröffentlecht ginn, fir sécherzestellen, datt mer richteg Zuelen hunn, datt mer éierlech Zuelen hunn, datt mer Zuelen hunn, op déi sech déi verschidden Acteuren an der Wirtschaft an an eisen

Institutiounen och kënne verloossen, wann et ëm d'Logementspolitick geet.

An deem Sënn ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun a soe Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Donnersbach. Deen nächste Riedner ass den Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Ech géif gären ufänken, andeems ech nach eng Kéier der Chamber soen, dass dat heite Gesetz viru bal dräi Joer vum Henri Kox deposéiert gouf. Mir schwätzen haut iwwert den Observatoire de l'habitat. Seng Aufgab ass et, Donnéeën iwwert de Wunnengsmaart ze sammelen, ze analyséieren a selbstverständlech och ze veröffentlechen.

Dat klénkt vläicht administrativ. Mee ouni dës Aarbecht géife mir vill ze dacks am Blannen decidéieren. Wa mer iwwer Logement diskutéieren, geet et séier ëm Meenungen, ëm Andréck oder och ëm eenzel Erfarungen. An dat ass jo och iergendwéi legitimm. Mee fir eng responsabel Politick ze maachen, brauche mir méi wéi dat. Mir brauche Fakten. An allze dacks feelen eis déi Fakten hei zu Lëtzebuerg. Mir musse wëssen, wéi sech d'Präisser entwéckelen, wou Wunnengen entstinn oder wou vläicht och nach Wunnenge feelen, wéi sech d'Demografie verännert a wéi eng Mesüre wierklech wierken – Stéchwuert: Évaluation des politiques publiques.

Nëmmen esou kënne mer politesch Entscheedungen op eng zolidd Basis stellen. An e gutt Beispill dofir ass eis Diskussioun iwwert de Präisdeckel bei de Locatiounswunnengen, wou mer einfach net virukommen. De Minister hat eis versprach, bannent engem Joer eng nei Léisung ze proposéieren. Haut, iwwer zwee Joer duerno, ass en eis déi nach ëmmer schëlleg. Mir verléieren hei wäertvoll Zäit.

Meng Partei hat hei proposéiert, e Mietkadaster opzestellen oder eng Zort Mietspiegel ze erhiewen, fir genee ze wëssen, wéi d'Loyeren an enger Uertschaft oder an engem Quartier sinn a wéi se sech entwéckelen. Déi Donnéeë feelen eis nach ëmmer. Hätte mer awer dës prezis Donnéeën, da kéinte mer och e Präisdeckel definéieren.

An enger Zäit, an där ëmmer méi Informatiounen zirkuléieren an dacks och falsch Behaaptunge verbreet ginn, gewannen zouverlässeg Donnéeën nach méi u Bedeitung. Gutt Statistike schafen Transparenz, si erlaben eng sachlech Debatt a si hëllefen eis, ëffentlech Mëttel do anzesetzen, wou se och am meeschte gebraucht ginn.

Eng Politick, déi sech op Fakte stäipt, ass déi besser an déi méi éierlech Politick. Si orientéiert sech net un den häertste Stëmmen oder un de spektakuläersten Iwwerschrëften, mee si orientéiert sech un der Realitéit vun de Leit.

An enger Zäit, an där och ëmmer méi Leit d'Vertrauen an Institutiounen an a politesch Entscheedunge verléieren, ass dat hei och eng demokratesch Aufgab. Transparenz a Fakte schafe Vertrauen. A Vertrauen ass d'Basis vun enger staarker Demokratie. Besonnesch am Logement brauche mer méi Transparenz an e bessert Versteesdemech vun den Entwécklunge vum Maart an net just e Bauchgefill oder net verifizéierbar Behaaptungen.

Den Observatoire de l'habitat spillt dobäi eng zentral Roll. Hie gëtt eis d'Méiglechkeet, Debatten op Fakten amplaz op Spekulatiounen opzebauen. Dofir begréisse mir, datt den Observatoire mat dësem Gesetz op eng kloer an och eng zolidd gesetzlech Basis gestallt gëtt. Well gutt Donnéeë maachen zwar net automatesch eng gutt Politick, mee ouni gutt Donnéeë gëtt mat Sécherheet keng gutt Politick gemaach.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Cruchten. Déi nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Alexandra Schoos. Madamm Schoos.

**Mme Alexandra Schoos** (ADR) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir als ADR ënnerstëtzen dëse Gesetzestext och. De Logement ass a bleift e sozialen Dauerbrenner, iwwert dee mir eis hei all puer Méint oder souguer Wochen op déi eng oder aner Manéier ënnerhalen. An esou enger Kris brauch all Acteur kloer Donnéeën, éierlech Analysen an Transparenz. Dat hu mer, mengen ech, elo alleguer an de Virrieden och schonn héieren.

Genee do setzt dëse Gesetzesprojet un, andeems de wëssenschaftlechen Institut vum Observatoire de l'habitat e feste gesetzleche Kader kritt. Dësen Observatoire besteet zanter Joren a soll Informatiounen iwwert de Wunnengsmaart sammelen, analyséieren an der Ëffentlechkeet zur Verfügung stellen.

Als ADR ënnerstëtze mir de Prinzipp, deen dohannert steet, ganz kloer: Zuelen, Donnéeën, Analysen, Fakten – Fakten, déi och da musse gëllen, wa se politesch onbequeem sinn. Wier dat déi lescht 20 Joer méi dacks de Fall gewiescht, wier d'Logementskris vläicht net grad esou akut, wéi se eeben elo ass.

Mee trotz deene klore Prinzippie wäerte mir der Regierung bei der praktescher Ëmsetzung genee op d'Fanger kucken. Wann de Staat Donnéeë sammelt, analyséiert an austauscht, da muss de Schutz vum Bierger am Mëttelpunkt stoen. Net de Confort vun der Verwaltung, net d'Neigier vum Staat, mee d'Rechter vum Bierger. De Projet reegelt nämlech och d'Veraarbechtung vu perséinlechen Donnéeën. Do geet et net ëm abstrakt Zuelen eleng. Et geet ëm Informatiounen iwwer Leit, Stéit, Wunnsituatiounen, Proprietären an zum Deel och ëm wirtschaftlech a sozial Donnéeën. Dofir ass dëse Projet sensibel.

Aus Siicht vun der ADR gëtt et véier zentral Punkten:

Éischtens: Mir brauchen eng faktebaséiert Wunnengspolitick. Zanter Joren hu mir vill politesch Debatten iwwert de Logement ofgehalen. Mir brauche genee Informatiounen: Wou feelen Terrainen? Wou sinn administrativ Blocagen? Wéi entwéckele sech d'Präisser? Wéi grouss ass den Impakt vun Demografie, Nofro an Offer? A wéi eng Roll spillen ëffentlech a privat Acteuren?

Zweetens: Donnéeë sinn nëtzlech, mee si gehéieren net dem Staat. D'ADR steet fir e staarke Schutz vun der Privatsphär. Perséinlech Donnéeë vu Bierger, vu Stéit, vu Proprietären oder vu Betriber däerfen net liichtfankeg behandelt ginn. Et muss kloer sinn, wéi eng Donnéeë gebraucht ginn, fir wat se gebraucht ginn, wéi laang se gespäichert ginn a wien Zougang dozou huet. Et ass gutt, datt am Projet vu Pseudonymiséierung, Zweckbindung a Friste geschwat gëtt, mee mir soe gläichzäiteg: Dat muss an der Praxis streng kontrolléiert ginn! Eng Datebank fir wëssenschaftlech Analysen däerf ni zu engem Instrument ginn, fir Bierger ze iwwerwaachen oder Proprietären an Entreprisen administrativ, steierlech oder politesch ënner Drock ze setzen.

Drëttens: D'Onofhängegkeet vum Observatoire muss real sinn. De Staatsrot huet an dësem Dossier net zoufälleg op d'Fro vun der Onofhängegkeet higewisen. Wann een e wëssenschaftlechen Observatoire schaaft oder säi legale Kader elo festleet, da geet et net duer, dass ee just am Gesetz schreift, e wier onofhängeg. Onofhängegkeet muss sech an der Organisatioun, an de Methoden, an de Publikatiounen an an der perseneller Opstellung weisen. Et muss eng Struktur sinn, déi der Politick och seet, wa se um Holzwee ass. Dat ass de Wäert vun engem Observatoire.

Véiertens: De Privatsecteur däerf net nëmme Fournisseur vun Donnéeë sinn. D'Handelskummer huet zu Recht drop higewisen, datt d'Formuléierung iwwer privat juristesch Persounen am Logementsberäich ganz breet ass. Wien huet wéi eng Rechter a wéi eng Flichten? Besonnesch kleng a mëttelgrouss Acteuren dierfen um Enn net mat zousätzlechem administrativen Opwand elenggelooss ginn. Och déi praktesch Erfarung um Terrain muss matabezu ginn: Gemengen, Proprietären, Promoteuren, Betriber, Locatairen an och, jo, Familljen. Wien Donnéeën iwwer e Marché interpretéiert, muss och d'Realitéit vum Marché kennen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Wunnengskris zu Lëtzebuerg gëtt net duerch nach méi Rapporte geléist. Si gëtt geléist duerch méi Offer, méi séier Prozeduren – also manner Bürokratie –, Respekt virun der Proprietéit, eng realistesch Demografiepolitick an eng Politick, déi Problemer léist, amplaz se ze verwalten.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Schoos. An dann huet den Här Meris Sehovic d'Wuert. Här Sehovic, et ass un Iech.

**M. Meris Sehovic** (déi gréng) | Merci, Här President. Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et hu sech an der Mënschheetsgeschicht ganz, ganz vill Leit a ganz vill intelligent Philosophen a Philosophinnen, Historiker an Historikerinnen an esou weider mat der Muecht vum Wësse beschäftegt. Ob dat de Foucault ass, de Francis Bacon, d'Hannah Arendt, si hunn alleguerte betount, wéi wichteg eigentlech Fakten an och Wësse si fir eng fonctionéierend Demokratie. Fir et vläicht mat engem Zitat vum Michel Foucault ze soen: „Savoir, c'est pouvoir."

An dofir baséiert och all gutt Logementspolitick op Wëssen an op Fakten. A genau aus deene Grënn ass et esou wichteg, dass mer hei dëst Gesetz hunn, mat deem mer den Observatoire de l'habitat, deen et schonn zënter enger Rei Jore gëtt, weider stäerken, seng Missioune kloer definéieren, seng Méiglechkeeten erweideren an och seng Onofhängegkeet weider stäerken.

A wéi wichteg déi Aarbecht vum Observatoire ass a wéi eng Erkenntnisser se produzéiert, weisen eleng d'Publikatiounen, mengen ech, vun deene leschte Wochen a Méint, wou ech der e puer vläicht resüméieren.

Éischtens hu mer gesinn an deene leschte Publikatiounen: De Maart am Beräich vun der Vente stabiliséiert sech e bëssen, wann och op engem historesch niddregen Niveau.

Zweetens: De Loctiounsmarché bleift weider ënner Drock an d'Loyere sinn an deene leschte Jore massiv geklommen.

Drëttens: D'Reguléierung vu Loyeren ass iwwerall an Europa eigentlech eng Selbstverständlechkeet a gewënnt och an deem heite Kontext u Bedeitung. An hei besteet e grave Vide zu Lëtzebuerg, deen urgent muss gefëllt ginn.

Véiertens: Nei Wunnformen – Coliving, Kuerzzäitlocatiounen an esou weider – brauchen e méi klore gesetzleche Kader.

Fënneftens: Den informelle Wunnengsmaart, also dat, wat mer Cafészëmmeren an änlech Logementsformen nennen, ass méi grouss a méi gesellschaftlech relevant, wéi dat bis elo ugeholl gouf, a mir wëssen net genuch doriwwer.

An da vläicht eng sechst Erkenntnis, déi den Observatoire de l'habitat eis vläicht net an deene leschten Deeg a Woche matginn huet an déi awer trotzdeem enorm wichteg ass, nämlech dass d'Besëtzverhältnisser vu Bauland hei zu Lëtzebuerg extreem konzentréiert sinn an dass den upper 1 % 25 % vum Foncier hält, dee bei de Privaten ugesidelt ass, an dass zéng grouss Promoteure bal d'Hallschent vun alle vun Entreprisë gehalene Bauflächen halen.

All dës Fakte kenne mer. Mir wëssen och, wéi eng politesch Konsequenze sech dorauser missten erginn, nämlech Mesüren, fir disponibelt Bauland méi séier ze mobiliséieren, Mesüren, fir Locatairë besser ze schützen, e legale Kader, dee sécherstellt, dass Wunne mënschewierdeg ass an dass nei Wunnforme kloer gereegelt sinn an dass séchergestallt ass, dass Mënschen net ausgebeut ginn um Logementsmarché.

Op all dëse Froen hu mer an deene leschten dräi Joer leider ganz, ganz wéineg vun der Regierung gesinn ausser Réckschrëtter, Verwässerungen an eidel VersprIechen. Aus dem Foucault sengem „Savoir, c'est pouvoir" mécht dës Regierung bei der Logementspolitick virun allem e „Je voulte bien, mais je poufte pas". Dat ass schued a muss dréngend geännert ginn!

An dowéinst ënnerstëtze mir op där enger Säit dat heite Gesetz, awer mir setzen drop, dass mat deem Wëssen a mat deene Fakten, déi mer hunn, déi virleien, vill méi séier elo och Konkreetes dobäi erauskënnt. Do bleift d'Regierung nach ëmmer an der Verantwortung.

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Sehovic. Den nächste Riedner ass den Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. De Logement ass eng vun eise gréisste Krisen am Land. Elo kréie mer do nach méi Zuelen derzou, mee ech mengen, de Constat wäert dee selwechte bleiwen. Mir begréissen natierlech, dass dat elo professionaliséiert gëtt an dass mer méi Date wäerte kréien, mee mir bleiwen awer warscheinlech nach an där Situatioun fir e puer Joer.

Wat natierlech herno wäert geschéien, wa mer déi Zuele kréien: Et wäert och ënnerschiddlech politesch Interpretatioune ginn, ob déi Zuele gutt sinn. Mäi Virriedner huet virdru gesot: „Zéng Promoteuren hunn dat meeschte Bauland." Bon, déi eng Parteie fannen dat gutt, déi aner net gutt. Dat heescht, och herno wäerten nach Diskussiounen do entstoen. An dat ass och gutt, well och dat gehéiert zur Politick derzou, an et ass wichteg, dass mer déi Zuelen hunn. A villäicht komme jo nach e puer onbequeem Saachen eraus, déi awer nach e klengen Ustouss wäerte ginn, fir am Logement méi schnell virunzekommen a fir dass net just deene Groussen de Marché wäert iwwerlooss ginn.

Ech hoffen, dass dësen Observatoire eis do nach méi Statistike wäert ginn an dass mer do och kënnen nach weiderhi beleeën, dass awer alles an déi falsch Richtung gaangen ass, dass sech alles bei e puer Grousse zesummegesammelt huet. Mee do wäert de Minister jo elo mat neien Zuele kommen.

Et ass och immens interessant, dass hei en Amendement war, fir dass een d'Méiglechkeet kritt, anonym Daten eranzeginn, wat mer natierlech begréissen, well bei engem aneren Observatoire, an zwar bei deem bei der Mobilitéit, gouf déi Ouverture net gemaach. D'CNPD hat dat och zu Recht kritiséiert. Do ass et nämlech just pseudonymiséiert. Dat heescht, et kann een herno nach ëmmer erausfannen, wie wou hei am Land mam Auto fiert. Am Moment ass do eng Generaliwwerwaachung fir jiddereen, deen e Smartphone oder iergendwou eng SIM-Kaart huet. Dee gëtt am Moment iwwerwaacht an herno kann alles noverfollegt ginn an et kënnen och esou Daten noerstallt ginn, wou ee wéini war.

Dofir begréissen ech et, dass den Här Meisch hei eng Ouverture gemaach huet, fir dass mer op anonym Date kënne goen, well dat ass eng grouss Ouverture. An ech hoffen, dass d'Madamm Backes dat och eng Kéier wäert maachen, well grad do ass d'Datekrak vill méi grouss wéi hei, wou ee souwisou déi meescht Donnéeën – et muss ee jo awer soen, wiem d'Haiser gehéieren a wiem d'Terraine gehéieren – och haut schonn erausfënnt. Mee hei ass et natierlech herno vill méi bequeem, och fir eis op politeschem Niveau, mat de Rapporte kënnen ze schaffen.

An ech denken, dass dësen Observatoire de l'habitat sécherlech wäert derzou bäidroen, dass mer an der politescher Diskussioun méi schnell virukommen a vläicht déi richteg Schrauwen dréinen.

Jo, an eiser politescher Vue wären et éischter d'Schrauwen, dass méi Leit sech en Eegenheem kënne leeschten, wéi dass Promoteure méi Land kréien. Mee bon, do musse mer nach e puer politesch Diskussioune féieren. Vläicht kënnt d'Regierung och eng Kéier op dee Wee.

Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Goergen. Den Här David Wagner huet elo d'Wuert. Här Wagner.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Mir wäerte selbstverständlech och dee Projet de loi matstëmmen. Et gëtt dem Observatoire de l'habitat dann eeben och eng Base légale. Fir déi, déi och hei an der Chamber sech fir de Logement interesséieren an och engagéieren an och un den Aarbechte vun der Logementskommissioun participéieren, ass den Observatoire de l'habitat e ganz bekannte Partner, mat deem mer vill schaffen, dee reegelméisseg ganz dacks erakënnt, eis Saachen erkläert, eis immens wäertvoll Saachen erkläert, well dat sinn déi richteg Experte vum Logement. Wann et Experte vum Logement gëtt zu Lëtzebuerg, da sinn et déi.

Et ass engersäits gutt, de Constat ze maachen. An ech mengen, et gëtt een den Androck net lass, datt si sech ëmmer repetéieren, well et gëtt eebe Wouerechten zu Lëtzebuerg, et gëtt leider Problemer am Logement. Si hunn den Diagnostic scho längstens gemaach. Si maachen héchstens en Update. An d'Konsequenzen duerno, déi loossen op sech waarden. Den Observatoire de l'habitat, en gros, weess ganz genau, datt de Problem vum Logement op verschiddene Punkten, op verschiddenen Ursaache baséiert.

Ee vun de grousse Problemer ass déi phenomenal Konzentratioun vu Bauland hei zu Lëtzebuerg. Et gëtt vill Bauland zu Lëtzebuerg. De groussen Deel ass och a privaten Hänn, iwwer 80 %. Wat mer och wëssen, dat ass, datt 0,5 % vun der Bevëlkerung ongeféier d'Hallschent vum Bauland hunn hei zu Lëtzebuerg an drop sëtze bleiwen an och derfir suergen, datt d'Präisser eropginn. An dofir brauch een Instrumenter, fir dogéint virzegoen. Dat muss ee besteiere kënnen. An zu Lëtzebuerg ass dat laangwiereg an et gëtt näischt gemaach. Et gëtt keng Regierung, déi wierklech an déi Richtung wëll goen, e bëssen à tâtons an esou weider, mee et traut sech kee wierklech, dohinnerzegoen an ze soen: „Hei, déi grouss Spekulanten, déi Multiproprietären, déi wäerten elo blechen, wa se einfach weiderhin dat Bauland broochleie loossen!"

Déi Instrumenter gëtt et am Ausland. Et gëtt Länner, wou dat praktizéiert gëtt. Do ass et juristesch méiglech, also muss et och hei juristesch méiglech sinn. Mee et ass de politesche Wëllen, dee vläicht net do ass. Et kann een och zum Beispill un déi ganz interessant Etüd denken, déi och justement de LISER gemaach huet iwwer Diddeleng. Diddeleng, eng ganz schéi Gemeng, eng ganz flott Gemeng. An déi Etüd, déi heescht ...

*(Hilarité et interruption)*

Mee erstaunlech – erstaunlech!

... „L'histoire foncière et la question du logement à Dudelange (1824-2018) : Concentration et inégalités", wou beluecht gëtt – Diddeleng ass keen Eenzelfall, mee si hunn eeben déi Stad geholl, well et charakteristesch ass –, datt sech iwwer Generatiounen do wierklech dat ganzt Bauland an den Hänn vun enger lokaler Elitt, vun e puer Familljen, konzentréiert huet, déi eeben d'Bauland hunn an dozou bäidroen, datt dat en immens groussen Afloss huet op d'Marchéspräisser vum Bauland. An ech war och e bëssen erstaunt, well wann ee weess, wien zu Diddeleng absolutt regéiert zënter Joerzéngten – ech wëll elo keng Poleemik maachen, mee ech maachen trotzdeem eng, mierken ech elo grad –, ...

*(Hilarité)*

**M. Claude Wiseler,** Président | Awer eng kuerz, wannechgelift.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | ... dann ass een e bëssen erstaunt, datt do ni richteg muscléiert Mesüre geholl gi sinn, fir géint déi Spekulatioun vu Bauland an där Gemeng virzegoen. Mee vläicht kënnt dat nach. Ech verléieren do d'Hoffnung net. Mee dat betrëfft net just nëmmen déi Stad.

Voilà, dat heescht, mir hunn en Observatoire de l'habitat. Mir wäerten e stäerken. D'Independance vum Observatoire de l'habitat muss geséchert ginn. Dat ass sécher. E muss kënne schaffen. An ech géif och nach der ADR uroden – well si hunn awer och den Observatoire gelueft –, sech wierklech mat den Etüde vum Observatoire de l'habitat auserneenzesetzen, ...

*(Interruption)*

... well da géift Der vläicht net méi dat soen, wat Der grad gesot hutt, wat de Problem kéint sinn, oder wat ech och gëschter héieren hunn, wat de Problem kéint si vum Logement.

Merci.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Wagner. Domat wär d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner ofgeschloss.

An da wär d'Wuert fir d'Regierung. Den Här Logementsminister huet d'Wuert.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Claude Meisch,** Ministre du Logement et de l'Aménagement du territoire | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och merci fir déi breet Zoustëmmung zu dësem Gesetzesprojet, deen effektiv wichteg ass, well en eng Basis leet fir eng faktebaséiert Debatt, politesch Ausernanersetzung, gesellschaftlech Diskussioun, awer natierlech och eng Prise de décision am Beräich vum Logement. An ech mengen, et huet keen et besser erkläert wéi den Yves

Cruchten de Mëtten hei, datt mer Donnéeë brauchen, un deene mer eis kënnen orientéieren, well ouni Donnéeën hu mer eigentlech just Meenungen, Erfarungen. An datt déi awer liicht biaiséiert kéinte sinn an net onbedéngt zu deene beschte Solutiounen herno kéinte féieren, läit op der Hand.

Bis elo huet den Observatoire, mengen ech, schonn eng wäertvoll Aarbecht gemaach, och ouni dës gesetzlech Basis. En huet awer ganz dacks op annoncéiert Präisser zeréckgegraff, wann e Statistike gemaach huet iwwert d'Entwécklung vu Loyeren, iwwert d'Entwécklung vu Baupräisser. An an deem Sënn, mengen ech, ass et haut méi wichteg wéi jee, eigentlech och Accès zu aneren Donnéeën, zu anere Statistiken ze hunn, déi och an anere Verwaltunge leien, fir déi mateneen ze kräizen an dann och wierklech op Basis vu reelle Präisser a reelle Fakte kënnen déi Analysen ze maachen, déi dann de politeschen Debat och onbiaséiert kënnen alimentéieren.

Natierlech ass et net eleng d'Zilsetzung, Donnéeë beieneenzebréngen. An der Educatioun gëtt et e Sprachwuert, dat seet: „Vom Wiegen wird die Sau nicht fett."

*(Hilarité)*

An hei musse mer e bëssen dat selwecht kucken, datt mer natierlech moossen, kucken, Donnéeën ...

*(Interruption par M. Meris Sehovic et hilarité)*

**M. Claude Wiseler,** Président | Här Minister, loosst Iech elo net provozéieren. Sou, wannechgelift!

**M. Claude Meisch,** Ministre du Logement et de l'Aménagement du territoire | Ech soen elo näischt, Här Sehovic. Ech soen Iech et duerno.

*(Hilarité)*

Et ass wichteg ze kucken, ze moossen, Donnéeë beieneenzebréngen, mee awer och déi néideg Konklusiounen dorauser ze zéien. An ech denken, datt d'Qualitéit, an dat huet eigentlech jiddereen de Mëtten ënnerstrach, vun der politescher Debatt, vun der gesellschaftlecher Debatt, och heiansdo der gesellschaftlecher Ausernanersetzung, well dat ass och ugeklongen hei bei deem engen oder anere Riedner ... Jo, et geet och ëm gesellschaftlech Ausernanersetzungen. Et geet ëm Proprietéitsverhältnisser. Et geet drëms, ob mer déi gutt fannen oder manner gutt fannen. Et geet drëms, ob mer déi sech esou politesch wëlle weiderentwéckele loossen oder ob mer wëllen dergéintsteieren. Jo, dorëms geet et. Mee d'Qualitéit vun der Debatt kann eigentlech nëmme gewannen, wa mer eng besser Base de données hunn.

Mir hunn och, mengen ech, mam Logementsmarché e Marché, dee jo net fräi ass, well ganz vill politesch Decisiounen, administrativ Decisiounen decidéiere jo, wéini, wou an a wat fir enger Quantitéit gebaut gëtt. Well wann eng Gemeng net seet: „Dat doten ass Bauland", dann ass et kee Bauland. Da kann e Proprietär sech op d'Kopp stellen, da gëtt et et och net. Also, mengen ech, musse mer schonn och kucken, wéi mer dee Marché do weider encadréieren.

An ech denken och, datt hei den Observatoire de l'habitat eis déi Orientatioun ka ginn, wat fir en Encadrement vun deene Marchéë mir do brauchen. A wann ech soe „Marchéen", dann ass dat sécherlech de Marché vun der Vente vun Terrainen, vun der Vente vu Wunnengen, mee awer sécherlech och de Locatiounsmarché.

Et ass Iech, mengen ech, an deene leschte Méint, wou mer eis ëmmer nees, och op Basis vu Rapporte vum Observatoire de l'habitat, an der Logementskommissioun an der Chamber driwwer ënnerhalen hunn, wat dann dee beschten Encadrement wär, dee mer dem Loyersmarché kéinte ginn, net entgaangen, datt ech eng gewësse Sympathie hu fir déi Propos vun der LSAP, e Mietkadaster opzestellen, aus zwou Iwwerleeungen.

Éischtens emol ass et eng objektiv Basis, wou all Acteur sech kann drun orientéieren, e Proprietär, e Locataire, awer och mir als politesch Decideuren eis kënnen drun orientéieren, wéi wou dann de Loyer wierklech an der Realitéit ass. A mir wëssen, datt dat awer nach ëmmer eppes aneres ass wéi dat, wat mer vläicht dann op Internetsitte gesinn, wat wou gefrot gëtt, well dat, wat ënnerschriwwen ass, kéint jo awer och emol aneschters sinn. Mir hu selwer an den Analyse vum Observatoire gesinn, datt et e groussen Ënnerscheed mécht, wéi al eng Wunneng ass, awer och wéi laang se scho bewunnt ass vun där selwechter Persoun. Fir déi selwecht Wunneng kann och dat schonn e groussen Ënnerscheed maachen. An ech denken, datt dat e wichtegen Input ass, dee mer brauchen, fir och e richtegen Encadrement vum Loyersmarché ze kréien.

Mat dësem Gesetz hei, mengen ech, gi mer eis awer och eréischt d'Basis, fir wierklech en zolidd Fundament och fir esou e Mietkadaster kënnen ze hunn, well mir hunn d'leschte Kéier, soe mer emol, en Embryo vun engem Mietkadaster proposéiert kritt, op Basis vun enger Enquête vu Bréiwer, déi beäntwert goufen oder och net beäntwert goufe vu Proprietären a vu Locatairen, wou scho ganz vill drastécht. Mee wa mer awer duerno och e gesetzlech bindende Kader, fir Loyere festzeleeën oder maximal Loyere festzeleeën, eng Bandbreet vu Loyere festzeleeën, wëllen hunn, da muss dat och belaaschtbar sinn. An da geet et net duer, ze soen: „Do hunn elo 20 % vun de Leit, déi mer ugeschriwwen hunn, geäntwert, an dat heiten, dat ass et dann elo." Dann ass et nämlech net belaaschtbar.

An duerfir fannen ech, datt dat heiten, wou mer eis alleguerten eens sinn, datt mer dee Schratt solle maachen, dem Observatoire de l'habitat eng gesetzlech Basis ginn, fir datt en och en aneren Accès zu Donnéeë kritt, e wichtege Schrëtt an der Opstellung vun engem Mietkadaster ass, deen duerno natierlech dann och kann dozou déngen, net nëmmen eis Informatiounen ze ginn, mee awer och eventuell kënnen ze kucken, wéi mer dann den Encadrement vun de Loyere besser reegelen, wéi et haut gereegelt ass. Well datt dat sech selwer iwwerlieft huet, ech mengen, do si mer eis och quasi alleguerten heibannen eens.

Villmools merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Minister. Domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

A mir géingen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8310 kommen. Well et deen éischten Text ass, géing ech Iech nach bieden, ze checken, ob Der alleguer op Ärem Posten ageloggt sidd, wannechgelift. An da géinge mer zur Ofstëmmung iwwert den Document parlementaire 8310[11] kommen.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8310 et dispense du second vote constitutionnel***

Ech maachen d'Ofstëmmung op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. Dëse Projet de loi ass also mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl ginn.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler (par Mme Octavie Modert), MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering (par M. André Bauler), Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Ben Polidori et Ben Streff ;*

*MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

## 6. 8702 – Projet de loi portant création d'un lycée à Schifflange et portant modification :

### 1° de la loi modifiée du 26 février 2016 portant création d'une école internationale publique à Differdange ;
### 2° de la loi du 19 décembre 2025 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2026

Da komme mer zum Projet de loi 8702 iwwert d'Grënnung vun engem Lycée zu Schéffleng. D'Riedezäit ass hei och nom Basismodell festgeluecht an deemno déi selwecht wéi virdrun. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Ricardo Marques, d'Madamm Francine Closener, den Här Fred Keup, d'Madamm Djuna Bernard, den Här Sven Clement an den Här David Wagner. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Mandy Minella. Madamm Minella, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse***

**Mme Mandy Minella** (DP), rapportrice | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn haut d'Éier, Iech de Rapport vun der Educatiounskommissioun zum Gesetzesprojet iwwert d'Schafung vun engem neie Lycée zu Schéffleng virzestellen.

Mat dësem Gesetzesprojet schafe mir eng nei ëffentlech international Schoul am Süde vum Land a setzen domat eng Mesür aus dem Koalitiounsaccord 2023-2028 ëm, deen d'Grënnung vun enger neier internationaler Schoul an der Agglomeratioun Esch-Uelzecht virgesäit.

Dës Mesür reagéiert op eng Realitéit, déi Lëtzebuerg zënter Jore präägt: eng wuessend Bevëlkerung, méi Schüler an eng ëmmer méi divers Gesellschaft. Tëschent 2001 an 2025 ass d'Awunnerzuel markant